Newsletter Abrëll
Volume 8

TWiiiT
jugendtreff norden

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg

Save the date

18./19. Mee ● TecLab-Marathon
22. bis 26. Mee ● Bau vun der 2. Cabane

10. Juni ● Nächste Newsletter

D'Jugendduerf entsteet

Déi éischt Woch vun der Ouschtervakanz ass zu Housen vill geschafft ginn. D'Oprichte vun der éischter Cabane vum Jugendduerf stoung um Programm. Trotz schlechtem Wieder a vill Bulli hunn sech eng Rei Jonker zesummefonnt, fir beim Opbau behëlleflech ze sinn. Och d'Maison Relais ass bis kucke kommen an huet eng Hand mat ugepaakt. Dank der gudder Ënnerstëtzung stoung déi éischt Cabane innerhalb vun e puer Deeg a kann elo schonn als Versammlungsraum fir déi weider Planung vum Jugendduerf genotzt ginn.

D'Maison Relais'en aus der Regioun op Besuch am Jugendtreff

Am Mount Abrëll hat de Jugendtreff Norden eng Rei Maison Relais'en aus der Regioun op Besuch. De Foyer scolaire « Parc Housen » war ganz aktiv um Bau vun der éischter Cabane zu Housen bedeelegt. D'Maison Relais vun Ëlwen war bis an d'Ëlwenter Jugendhaus luesen an huet un engem Workshop zum Thema « Fotografie » deelgeholl. D' Maison Relais Reiler hat de Wee bis op Clierf, op den neie Multisport-Terrain fonnt, wou zesumme Fussball a Wickingerschach gespillt ginn ass. D' Fuere mat den RC-Autoen huet op dësem Dag och net dierfe feelen.

De Cliärrwer Loof

Eng gutt Zäit lafen, sech géigeniwwer de Kollege beweisen oder einfach nëmmen ukommen. Dëst waren d'Zieler, déi sech déi Jonk aus dem Jugendtreff Norden gesat hunn, wéi si sech fir de „Cliärrwer Loof" ugemellt hunn. Ganz motivéiert sinn dunn 7 jonk Leefer un den Depart gaangen an hunn eng formidabel Leeschtung bruecht, net nëmmen op sportlechem Niveau, mee och wat Teamfäegkeet a Kollegialitéit betrefft.

24, rue de la Gare L-9906 Troisvierges
direction.jsic@elisabeth.lu
(+352) 99 80 18
Service Jeunesse elisabeth